



## 1. GENERELL

- 1.1. Ech si fir mäin Tablet verantwortlech a passen drop op. Ech si mir bewusst, dass mäin Tablet geléint ass.
- 1.2. Ech respektéieren och den anere Schüler hiren Tablet a bedreiwe kee Vandalismus.
- 1.3. Ech benotzen den Tablet net, fir Beleidigungen oder Frechheeten ze verbreedden, well dat legal Konsequenze kann hunn.
- 1.4. Den Tablet ass an éischter Linn mäin Aarbechtsgerät, an déi schoulesch Inhalter sinn dowéinst ëmmer méi wichteg wéi déi privat; ech muss mäi private Contenu läschen, wann net méi genuch Plaz fir schoulesch Apps op mengem Tablet ass.
- 1.5. D'Notzung vum Tablet an Internetaktivitéiten ausserhalb vum Lycée stinn ënnert der Responsabilitéit vu mengen Elteren / Tuteuren.
- 1.6. Ech si mir bewusst, dass all Mëssbrauch a Feelverhale bestrooft gëtt.

## 2. AN DER SCHOUL

### 2.1. Allgemeng

- 2.1.1. Wann ech an d'Schoul kommen, ass mäin Tablet komplett opgelueden, funktionnéiert an huet genuch Späicherplaz fir Schoulinhalter. Ech suergen och dofir, dass meng digital Dokumenter an Notizbicher ëmmer um neiste Stand sinn.
- 2.1.2. Ech muss zu all Moment meng Logins a perséinlech Passwierder kennen, fir meng Aarbechtsinstrumenter an Apps kënnen ze benotzen.
- 2.1.3. Ech gi keng Dateien (Dokumenter, Biller, Videoen) weider, fir déi ech keng Rechter hunn.
- 2.1.4. Ech benotze meng offiziell E-Mail-Adress vun der Schoul a gi meng Mailbox regelméisseg opruffen.

### 2.2. Am Cours

- 2.2.1. Ech schalte mäin Tablet nëmmen an, wann ech d'Erlaabnis vu mengem Enseignant hunn.
- 2.2.2. Ech schalte mäin Tablet op "stomm" an deaktivéieren och all Benrichtegung, fir net ofgelenkt ze ginn.
- 2.2.3. Ech benotzen den Tablet ausschliisslech fir déi Aufgaben, déi vu mengem Enseignant virgesi sinn.
- 2.2.4. Mäin Enseignant huet d'Recht, op mäin Tablet ze kucken an en temporär ze spären.
- 2.2.5. Ech deelen, wann opgefuerdert, meng Dokumenter mam Enseignant, an ech akzeptéieren, dass den Enseignant se och ännere kann.
- 2.2.6. Ech kann zu all Moment mäi Contenu op mengem Tablet erëmfannen.

### 2.3. Bildmaterial

- 2.3.1. Ech maachen ouni Erlaabnis keng Fotoe vu Schüler, Enseignanten, dem Schoulpersonal oder der Tafel. Ech respektéieren d'Privatsphär an d'Decisioun vu jidderengem, fir wëlle gefilmt oder fotograféiert ze ginn oder net.
- 2.3.2. Ech filmen a fotograféieren nëmme fir Schoulaufgaben, mat der Erlaabnis vu mengem Enseignant.
- 2.3.3. Fir d'Deele vu Material benotzen ech nëmmen déi Plattformen, déi vun der Schoul virgesi sinn (z.B. OneDrive oder iCloud).
- 2.3.4. Ech ginn ëmmer am Virus informéiert, wann ech soll gefilmt oder fotograféiert ginn.